



Deputéiert ze sinn, erlaabt mir, mech an der Politik nach méi ze engagéieren, mech hir méi ze widme wéi bis elo an eis Nationalpolitik mat mengem Mandat an der Gemeng Beetebuerg ze verbannen. Eis Kommunalpolitik ass interessant. Ech brénge vun do eng Rei Erfahrungsge, déi ech net wéilt mëssen.

Et ass an de Gemengen, wou ee léiert, wat d'Gesetz an der Praxis bedeiten, well et ass do, wou se zu engem groussen Deel ëmgesat an erlieft ginn. Dernieft bitt d'Kommunalpolitik d'Chance, fir d'Biergerinnen an d'Bierger um direkte Wee souwuel an d'gesellschaftlech wéi och an d'politescht Liewen anzubannen. Dat ass eng Chance fir eis Demokratie an déi gëllt et ze notzen.

Esou vill zu de Gemengen. Ech kommen zréck an d'Chamber an zu menge Prioritéiten. D'Ëmwelt an d'Preventivmedezin waren dem Muck seng Spezialgebidd. An och ech wëll mech derfir setzen, datt d'Ëmweltproblematik an der Medezin méi eng grouss Bedeitung kritt wéi bis elo. Ech kann dobäi op déi wäertvoll Ënnerstëtzung a Mataarbecht vun der Éminence grise, dem Muck, zielen.

D'Gesondheetspolitik wëll ech awer och verbanne mat der Familjepolitik an dobäi op meng 28-jähreg Erfahrung als Léierin an der Stad Diddeleng opbauen. Datt kulturell Defiziter, Schoulversoen a gesondheetlech Risiken oft zesummekommen an hir Spure an Liewe laang hannerloossen, ass eng traureg Tatsaach. A leider wierken d'Chèques-services och do keng Wonner!

Wa momentan iwwer 32.000 Kanner an enger Betreuungsstruktur ënnerbruecht sinn, dann ass dat eng wäertvoll Hëllef fir berufstätég Elteren, e grouss Schrëtt a Richtung Emanzipatioun a Gläichstellung vun der Fra, an e grouss Schrëtt a Richtung gesellschaftlech Integratioun vun eise Jéngsten.

Wat de Kanner aus benodeelegten a prekäre Milieuen awer oft feelt, si stabil Bezéiungen an hirem familiären Ëmfeld, kulturell Ureegungen a gesondheetlech Virsuerge.

Domat ginn déi elementar Bedierfnisser an déi eigentlech Grondrechter vum Kand net erfëllt an d'Basis fir e gudden Start an d'Liewen net geluecht.

Aus deem Grond trieden ech a fir e systemateschen Ausbau vun der Frëiförderung vun deene Kanner, mat dobäi enger intensiver Begleedung vun hiren Elteren, déi benodelegt sinn. Et geet also net drëm, iwwerfuert an hëlleflos Elteren aus hirer Verantwortung ze entloossen, mä se mat an d'Boot vun der Erzieung ze huele vun Ufank un.

Den Däiwelskrees vun Aarmut, Bildungsdefizit an héijem Gesondheitsrisiko an esou Familljen ze duerchbriechen, ass net einfach. Dat wësse mer alleguer. An engem Land mat héijem Wuelstand op där enger Säit an héijem Aarmutsrisiko op där anerer ass et eng vun de gréissten Erausforderunge vun der Familljen- a Sozialpolitik.

Weider Themen, déi mir noleien, sinn d'Altersversuerung, d'Inclusioun vu behënnerter Mënschen an d'Gesellschaft, d'Rechter vun homosexuellen an transsexuelle Persounen, de Kanner- a Jugendschutz an d'Gläichberechtigung vun der Fra an eiser Gesellschaft, an eiser Wirtschaft an an der Politik.

Et ass erfreen natierlech, datt d'Zuel vun de Fraen an der Chamber mat mir op 15 klëmmt. Allerdéngs beweist den Undeel vun dräi Véirel männlechen Deputéierten nach ëmmer, datt d'Chamber, inklusiv déi gréng Fraktioun, en zolidd Iwwergewicht u Männer huet.

### (Brouhaha)

Dat Verhältnis ass net ganz gesond, mä et ka gesond ginn, wann d'Roll vun der Fra an der Politik opgewäert gëtt.

### (Brouhaha général)

► **Une voix.** - Ech hu keen Iwwergewicht.

### (Hilarité générale)

► **M. le Président.** - Ech bieden lech, der Madame Lorsché nozelauschteren!

► **Mme Josée Lorsché (d'ei gréng).** - Nieft der Familljen- a Gesondheetspolitik iwwerhuelen ech och méi en technesch Volet, d'Leit géife soe méi e männlechen -ech mengen, en ass einfach emol technesch -, nämlech dee vun den Travaux publics, déi d'Gemengen an de Stat op ville Pläng zesummeféieren. Nëmme wa Stat a Gemengen Hand an Hand schaffen an d'Weichen zesummen op gréng setzen, dann ass eng nohalteg Gemengenentwécklung a Stadentwécklung an eisem Land méiglech.

Wa vill Gemengen zäitweis bal ënnert dem Verkier erstécken a wann deen Trafic bewisenermoossen zur Halschent op kuerz Distanzen zréckzeféieren ass, da brauche mer weder staatlech Ëmgehungsstroossen duerch d'Natur nach

Autobunnen, fir d'Situatioun ze verbessern. Eng attraktiv douce Mobilitéit an alle Gemenge kombinéiert mam Ausbau vum öffentlechen Transport an alle Regiounen géif d'Liewensqualitéit an eisem Land erhéijen, géif e wäertvolle Bäitrag zum Klimaschutz liwweren a villen Autoen de Wee bei d'Pompel erspueren.

Eng nohalteg Landesplanung ass och nëmme da méiglech, wann d'öffentlech Hand konsequent dorop hischafft, fir Wunnen, Aarbecht, Noversuerung, Ausbildung a Fräizäitgestaltung esou no wéi méiglech zesummenzebréngen.

De Projet op de Frichë vun Esch/Belval, deen d'lescht Woch nach hei diskutéiert ginn ass, ass e Musterbeispill fir esou eng Planung a mécht interessant Perspektiven op. Alles anescht wéi e Musterbeispill ass dann awer e Projet wéi deen zu Léiweng mat engem isoléierte Konsumtempel op der grénger Wiss.

Als fréier Liichtathletin wëll ech mech och mam Thema Sport auserneesetzen. En Thema, dee jo eigentlech net zu den Urthemen vun deene Grénge gehéiert, mä säi Stellwäert och bei eis verdéngt. Déi gesellschaftlech, ethesch an erzieeresch Fonctiounen vum Sport engersäits, seng gesondheetsfördernd, preventiv an therapeutesch Fonctiounen anerersäits sinn déi Facteuren, déi fir mech Prioritéit wäerten hunn.

Zum Schluss nach méi e perséinlech Wuert iwwert d'Kultur, déi leider oft am Schiet vu villen aneren Theme steet. Obscho mir vill deier Infrastrukturen am Land hunn, ganz vill investéiert hunn a Lëtzebuerg sech an alle Kulturbereicher bis iwwert d'Grenzen eraus behaapte kann, fënnt just eng Minoritéit vun eiser Bevölkerung den Zougang zum kulturelle Liewen. Déi grouss Majoritéit fillt sech net ugesprach.

Ech géif mir wënschen, datt d'Bedelegung un der Kultur als wichtige Facteur vun Allgemengbildung, vu sozialer Kohäsioun net e Luxus vun enger Élit bleift, mä e reell geliefert Mënschenrecht fir all eis Matmënschen am Land. Fir dohin ze kommen, féiert kee Wee laanscht eng konstruktiv Zesummenaarbecht vun alle politeschen a kulturellen Acteuren. An et féiert och kee Wee laanscht eng wäit gefächert Konscht a Museksausbildung an eise Schoulen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als nei Deputéiert sinn ech frou, meng Verantwortung kënnen ze iwwerhuelen a matzeschaffen an deem héijen Haus.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen der Madame Lorsché Merci a wënschen hir „bonne chance“.

## 2. Composition des commissions parlementaires et des délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées parlementaires internationales

Mat där neier Zesummesetzung vun der Fraktioun vun deene Grénge gëtt et och eng Rei Ännerungen an de Kommissiounen an an deenen internationalen Delegatiounen.

Et gëtt Folgendes proposéiert: An der Commission du Développement durable ersetzt d'Madame Josée Lorsché den Här François Bausch fir de Volet Travaux publics. An der Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports ersetzt d'Madame Lorsché den Här Claude Adam fir de Volet Sports. An der Commission de la Famille, de la Jeunesse et de l'Égalité des chances ersetzt d'Madame Lorsché d'Madame Viviane Loschetter fir de Volet Famille et Jeunesse. An der Commission de la Santé et de la Sécurité sociale ersetzt d'Madame Viviane Loschetter den Här Jean Huss fir de Volet Santé.

An der Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe ersetzt den Här Félix Braz den Här Jean Huss als Membre suppléant. An der Délégation luxembourgeoise à l'Assemblée parlementaire de l'Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe ersetzt d'Madame Lorsché den Här Félix Braz als Membre suppléant. Am Conseil interparlementaire consultatif du Benelux ersetzt d'Madame Lorsché den Här Félix Braz als Membre effectif.

Ass d'Chamber mat deenen Ännerungen averstanen?

### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

D'DP-Fraktioun huet duerch hire Brëf vum 4. Juli ugefrot, datt den Här Eugène Berger d'Madame Lydie Polfer an der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle esou laang ersetzt, bis datt d'Proposition de révision de la Constitution 6205 an d'Proposition de loi 6206 zum Enn vun hirer Prozedur komm sinn.

Ass d'Chamber och mat deser Ännerung averstanen?

### (Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

## 3. 6023 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain et modifiant

### 1. la loi communale modifiée du 13 décembre 1988,

### 2. la loi modifiée du 28 décembre 1988 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales,

### 3. la loi modifiée du 19 janvier 2004 concernant la protection de la nature et des ressources naturelles,

### 4. la loi du 19 décembre 2008 relative à l'eau (suite)

Mir kommen dann elo zur Ofstëmmung vum Projet de loi 6023 iwwert de Gemengenaménagement, dee mir gëschter diskutéiert haten a wou et wéinst Erreurs matérielles am Text net méi zur Ofstëmmung komm ass.

Ech wollt lech fir d'Éischt drop opmierksam maaachen, datt am Artikel 24 vum Projet de loi den zweeten Alinea vum éischten Paragraph vum Artikel 29 vum Loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain gestrach ginn ass. Dës Ännerung gouf lech och schonn duerch den Document parlementaire 6023<sup>8</sup> matgedeelt.

Wat d'Erreurs matérielles ugeet, ass - fir Verwisselungen ze vermeiden - an den Article 25 a 27 den Titel, zu deem d'Kapitel gehéiert, ze präziséieren. Et ass also am Artikel 25 ze liesen: «L'intitulé du chapitre 3 du Titre 4 de la loi précitée». An am Artikel 27 ass ze liesen: «L'intitulé du chapitre 4 du Titre 4 de la loi précitée».

Et ass dann och e Grammatikfeeler am Artikel 20 am éischten Saz vum zweeten Alinea vum ofgeännerten Artikel 25 ze behiewen. Et ass ze liesen: «Il revêt la forme d'un plan d'aménagement particulier „nouveau quartier“», amplat vun «Il revêt». Mir stëmmen elo iwwert den ofgeännerten Text of a wäerten dem Conseil d'État des Ännerunge schréfflech matdeelen.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6023 ass ugehall mat 38 Jo-Stëmmen, géint 9 Nee-Stëmmen an 11 Enthaltungen.

*Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6023 est adopté par 38 voix pour, 9 voix contre et 12 abstentions.*

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Lucien Clement), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Paul-Henri Meyers), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diedrich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz.*

*Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helmingier (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner.*

*Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Félix Braz);*

*MM. Jean Colombero (par M. Gast Gibéryen), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser;*

*M. André Hoffmann.*

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

### (Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Mir kommen dann elo zum nächste Punkt, dem Projet de loi 6238 iwwert d'Reorganisatioun vun der Chambre des Métiers. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Clement, Bauler, Angel a Kox. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

## 4. 6238 - Projet de loi portant réorganisation de la Chambre des Métiers et modifiant la loi du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce

### Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme

► **M. Marc Spautz (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim virleiende Gesetzesprojet, deen d'Mëttelstandsmnistesch den 13. Januar 2011 an der Chamber déposéiert huet, geet et ëm d'Reform vun der Chambre des Métiers. Fir genee ze si geet et ëm d'Ännerung vum groussherzoglechen Arrêt vum 8. Oktober 1945, op deem déi aktuell Organisatioun vun der Chambre des Métiers fousst an deen elo wäert duerch e komplett neien Text ersat ginn.

Dës wichteg Reform ass néideg ginn, well vill vun deenen aktuellen Dispositiounen net méi den heitegen Ufuerderungen un eng modern Berufskummer entsprechen. Och gouf vun der Reform profitéiert, fir déi intern Organisatioun an de Fonctionnement vun der Chambre des Métiers ze moderniséieren.

Deen Text, dee mir de Mëtteg stëmmen, ass an der Philosophie vum Text vum 1924er Gesetz geschriwwen an huet sech op verschiddene Punkten un der rezenter Reform vun der Handelskummer inspiréiert.

Den 21. Januar huet d'Chambre des Métiers hiren Avis eraginn, de 27. Januar d'Chambre de Commerce. Den 8. Mäerz hu mer den éischten Avis kritt vum Conseil d'État, zu deem mer och Amendementer gemaach hunn, an den 29. Juni hu mer den Avis complémentaire vum Conseil d'État ënnert d'Lupp geholl, an den 1. Juli de Rapport als Kommissioun ugehall, dee jo dann och haut zum Vote steet.

Déi wichtegst Ëmännerunge betreffen, éischstens, den neie Statut fir d'Handwerkskummer; zweetens, d'Memberschaft vun der Handwerkskummer, an drëtts d'Kompetenzen, d'Organisatioun an de Fonctionnement vun der Handwerkskummer, an zu gudder Lescht d'Afféiere vun engem neie Wahlsystem.

Ech wëll awer och hei a Klammer soen: Mir mussen och nach en anert Gesetz mat ofänneren, nämlech déi Reform vun der Chambre de Commerce, déi mer d'lescht Joer gestëmmt haten, well mer och do verschidden Dispositiounen elo parallel maaachen zwëschent der Chambre des Métiers an der Chambre de Commerce, notamment wat d'Affiliatiounen ubelaangt.

Här President, den initiale Gesetzestext hat virgesinn, par analogie zum Projet vun der Handwerkskummer, de Statut vun engem Établissement public ze maaachen an dat ënnert der Tutelle vun der Regierung ze gesinn.

De Statsrot war do alles aneschters wéi begehert vum deser Proposition an huet do datselwecht gemaach, wat en och scho gemaach hat bei der Reform vun der Chambre de Commerce, an en huet opgrond vum Artikel 108 vun der Verfassung gesot, dass dat net géif goen. A si hunn nach eng Kéier widderholl, si wieren där Meenung, dass dat net geet, an hunn eng Opposition formelle gemaach.

Bei der Chambre de Commerce hate mer eis deemools driwwer ewechgesat a mir hunn deemools och en zweete Vote constitutionnell gemaach, sou wéi d'Gesetz dat virgesäit. An deem Fall war et awer elo anescht. An deem Fall hu mer d'Proposition vum Statsrot ugehall a mir hunn e Statut gemaach vu Personne morale de droit public - dat huet och de Conseil d'État extra begreist, dass mir dat gemaach hunn -, well et ass fir eis och wichteg, dass déi Neutralitéit herrscht fir déi wichteg Missioun, déi d'Chambre des Métiers huet, fir hir Avisen ze ginn zu de Gesetzter, déi mir heibanne verabschieden, déi d'Handwierk an de Mëttelstand belangen, sou dass et duerf och wichteg a kloer muss sinn, wéi et do mat den Tutellen ass.





Deen eenzege Bémol, dee mer awer elo hunn, dat ass, dass mer an deenen elo nach fënnf Beruffschamberen - an der Zäit waren et der emol sechs - ënnerschiddlech Interpretatiounen hunn, ënnerschiddlech juristesche Statuter.

An ech mengen, duerfir wär et wichteg, dass mer driwwer nodenken, dass d'Kadergesetz vun de Chambre-professionellen - wou den Här Klein nach virun zwee Deeg eng Buste vun deem Mann, deen do um Ursprung steet, ageweit huet, de Pierre Dupong -, dass d'Gesetz vun 1924 misst ëmgeännert ginn an dass mer do en neit Gesetz géife kréien. Mä dorop wäert mä Fraktiounskolleg, de Lucien Clement, och nach e bësse méi am Detail agoen, dass et wichteg ass, dass mer ee fir alle Mol Kloerheet kréien, wéi d'juristesche Situatioun vun deenen nach fënnf Beruffschamberen ass.

Duerch d'Gesetz gëtt des Weideren d'Notioun vum Ressortissant an der Handwierkskummer nei definéiert. Genée wéi och d'Kritären, weini een an der Chambre des Métiers respektiv an der Chambre de Commerce Member ass. Den Haaptkritär vun der Affiliatioun ass d'Ausübe vun enger handwierklecher Tätigkeet. Wann eng Entreprise awer niewent der handwierklecher Aktivitéit och nach eng kommerziell Aktivitéit huet, sou bleift een trotzdeem an der Chambre des Métiers. Et gëtt awer och prezisiert, dass eng duebel Affiliatioun, souwuel an der Handwerker- wéi an der Handelskummer, och méiglech ass.

Op d'Attributiounen, d'Missioun souwéi d'intern Organisatioun vun der Handwierkskummer wëll ech elo net weider agoen. Dir kënnt dat alles a mengem schrëftleche Rapport noliesen.

Mir erënneren awer och drun, dass den Artikel 41 vun deem Projet de loi och nach eppes virgesäit. Dat ass nämlech, dass och d'Chambre de Commerce d'Méiglechkeet kritt, wéi dat d'Chambre des Métiers huet, fir statistesch Material ze kréien, an dass mer och als Chamber (veuillez lire: Kommissioun) vun de Classes moyennes eis Kollege vun der Ekonomik gefrot haten, well mer och do déi zwee Artikelen eben notamment fir d'Chambre de Commerce mat ofgestëmmt hunn, an och d'Ekonomieskommissioun mat deem Bémol vun Statut awer hiren Aval ginn huet, dass mer och déi Ännerunge maachen.

Ech wollt duerfir och nach eng Kéier drop ze sprieche kommen, dass ausser awer elo där Aufgab, déi d'Chambre des Métiers huet, fir hir Avisen ze ginn zu deenen eenzelne Projeten, déi mir heibanne verabschieden, déi Aufgab och ganz wichteg ass, déi se maachen an der Berufsausbildung, an déi Aufgaben, déi se och maache bei der Meschterprüfung, wou si eng ganz grouss Aarbecht leeschten, an dass et wichteg ass, dat ze ënnerstëtzen, an dass et och wichteg ass, dass si all déi Moyerë kréien, fir als modern Beruffschamber kënnen ze fonctionnéieren.

Duerfir schafe mer wéi gesot jo och den Arrêté vun 1945 of a maachen och gläichzäitig am Wahlsystem eppes, wou mer elo vun 19 respektiv 24 Beruffsgroupe schwätzen. An et ass och wichteg, dass déi Betriber esou breet wéi méiglech de Spektrum vum Handwierk erëmginn, fir dass och all Handwerksbetriber an all Branche sech an där Kompositioun vun där Plenarversammlung vun der Chambre des Métiers kann erëmfannen.

Et sinn och do verschidden Ännerunge gemaach ginn an der Wahlprozedur. Och do gëtt et eng kleng Kritik vum Statsrot, op déi ech awer och hei wëll hiweisen, dat ass, dass se gesot hunn, well et extra definéiert gëtt, vun effektive Kandidaten an effektive Mandater a vu Suppléantsmandater. Ech mengen, dat ass Coutume an der Chambre des Métiers zënter éiweg. Dat huet e bëssen zur Kritik gefouert, mä dat ass am Fong just, dass mer eppes maachen, wat elo ëmmer üblech war, fir dass se och déi Méiglechkeet behalen.

A wann elo et soll eng Kéier zu enger Ännerung komme vum 24er Gesetz - wat ech ausseruerdentlech géif begreissen -, da kann een och do kucken, dass een och do géif déi sämtlech Wahlsystemer vun deene fënnf Chamberen op een an deeselwechten Niveau kréien.

Ofschléissend wëll ech awer och soen, dass mer bei dem Artikel 6 eng kleng Erreur matérielle haten. Do steet eng Kéier „internalisation“ an et misst dosten: „efforts d'exploitation“. De Statsrot ass schonn informéiert ginn. En neien Text läit och vir. Mä ech wëll awer trotzdeem drop opmierksam maachen, dass dee Rapport, dee mer an der Kommissioun ofgestëmmt hunn, dass mer dorop opmierksam gemaach gi sinn, dass do e kleng Feeler ënnerlaf war, an dass mer deen och domadder berengegt hunn.

A fir de Rescht géif ech lech bieden, deemem Projet d'Zoustëmmung ze ginn.

Villmools Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Rapporteur Marc Spautz. Als éischte Riedner ass den Här Lucien Clement agedroen. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

## Discussion générale

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei deemem Projet de loi, dee mer haut de Mëtteg elei diskutéieren, geet et, wéi Der schonn héieren hutt, ëm d'Reorganisatioun vun der Chambre des Métiers. Bei deem Gesetzestext geet et ëm eng komplett Reform vum groussherzoglechen Arrêté vun 1945, op deem d'Organisatioun vun der Chambre des Métiers am Moment fousst.

Et handelt sech hei net ëm e puer punktuell Adaptatiounen. Neen, et geet drëms, de Statut oder besser gesot d'Organisatioun vun der Chambre des Métiers komplett ze moderniséieren an och selbstverständlech den heitegen Ufuerderungen unzepassen.

Am initiale Gesetzestext war virgesinn, dat deen neie Statut vun der Chambre des Métiers deeselwechte géif ginn oder soll ginn, wéi mer en an der Chambre de Commerce am Gesetz vum 15. Juli 2010 festgehalen hunn, nämlech dee vun engem Etablissement public.

E wichteg Punkt an der Reform ass déi nei, déi méi einfach an déi méi prezis Definitioun vum Ressortissant de la Chambre des Métiers. Och d'Fro vun der duebeler Affiliatioun, souwuel där an der Chambre de Commerce wéi där an der Chambre des Métiers, gëtt nei geregelt. Et soll des duebel Affiliatioun am Prinzip net méi ginn. D'duebel Affiliatioun sinn am Prinzip och net gewollt an et soll se och, wéi ech scho gesot hunn, net méi ginn. Si bleiwen awer weiderhi méiglech, mä awer ënner ganz restriktiven a limitative Konditiounen.

Fir genée ze sinn ass et méiglech an zwee konkrete Fäll: Éischstens, wann de Ressortissant vun der Chambre des Métiers och eng Autorisatioun als Commerçant huet, dat am Zesammenhang vu senger Activité artisanale, dernieft awer och eng Activité commerciale ausübt, déi a kengem Verhältnis steet mat der Activité artisanale. Zweetens, wann de Ressortissant vun der Chambre des Métiers nieft senger Aktivitéit als Handwerker och nach zousätzlech eng industriell Aktivitéit ausübt.

D'Chambre des Métiers selwer begreist an hirem Avis ausdrécklech souwuel déi nei Definitioun vum Ressortissant wéi och déi vun der duebeler Affiliatioun.

Am neie Gesetz ginn och d'Attributiounen an d'Kompetenze vun der Chambre des Métiers nei definéiert. Nieft hirer bal - géif ech soen - natierlecher Missioun, fir d'Interesse vun hire Beruffsguppen ze verteidegen an och ze vertrieden, spillt se awer och eng grouss Roll an der Formation professionnelle an natierlech och am législative Prozess, wou se habilitéiert ass, Avisen zu Gesetzestexten an Avisen zu deenen eenzelne Reglementer ofzeginn.

E weidere fundamentale Punkt vun deser Reform ass d'Ofännerung vum Wahlsystem an der Chambre des Métiers. Freier huet de Minister decidéiert, wat fir eng Beruffer respektiv wat fir eng Beruffsguppen a Fro kommen, fir an d'Chambre des Métiers gewielt ze ginn. Dese System gëtt elo vereinfacht. Et gi mat deem neie Gesetz sechs grouss Wahlgruppe geschaf.

Entsprechend der Gréisst respektiv der Unzuel vun Entrepreneuren an diesen eenzelne Wahlgruppe ginn dann d'Sëtzer an der Chambre des Métiers verdeelt oder, besser gesot, festgeluecht. Dese neie System bréngt mat sech, dat et zu enger besserer, enger méi gerechter Repräsentativitéit vun deenen eenzelne Beruffsguppen an de Gremië vun der Chambre des Métiers kënnt oder komme wäert. Den neie Wahlsystem gëtt dann och ausdrécklech vun der Chambre des Métiers an hirem Avis begreist.

Ech kommen elo, wéi ech dat ufanks gesot hunn, nach eng Kéier kuerz op de Statut vun der Chambre des Métiers zrëck, dese Statut, deen opgrond vum Avis vum Conseil d'État zu e puer Diskussiounen an der Chamberskommissioun dann och gefouert huet. Wéi scho gesot, sollt mat deem Gesetz déi juristesche Natur vun der Chambre des Métiers gekläert ginn.

Här President, am initiale Projet de loi war virgesinn, fir aus der Chambre des Métiers en Etablissement public non soumis à la tutelle du Gouvernement ze maachen, an dat par analogie zum Gesetz vun der Chambre de Commerce. Dës Propos krut awer, wéi een esou schéi seet oder wéi ee géif am Fussball soen, vum Statsrot d'Rout Kaart gewisen.

Déi héich Kierperschaft ass net mat deser Léisung averstan a verweist an deem Kontext op

den Artikel 108bis vun der Verfassung, deen dann och Folgendes seet: «La loi peut créer des établissements publics dotés de la personnalité civile, dont elle détermine l'organisation et l'objet. Dans la limite de leur spécialité le pouvoir de prendre des règlements peut leur être accordé par la loi qui peut en outre soumettre ces règlements à l'approbation de l'autorité de tutelle ou même en prévoir l'annulation ou la suspension en cas d'illégalité, sans préjudice des attributions des tribunaux judiciaires ou administratifs.»

De Statsrot ass der Meenung, dat d'Chambre des Métiers kenger Form vun enger Tutelle ënnerworf därer sinn. Des Weideren oder souwiesou ass de Statsrot der Meenung, dat eng Décisioun vun der Chamber heibannen, fir der Beruffskummer de Statut vum Etablissement public an deser Form ze ginn, dat esou eng Décisioun net géif virun engem Verfassungsgericht bestoe kënnen.

De Statsrot ass iwwerens net nëmmen am Kader vun deem Gesetz deser Meenung, hien huet déiselwecht Remarquen och beim Projet de loi iwwert d'Chambre de Commerce opgeworf. An ech denken, dat de Statsrot dat och bei all anere Beruffskummere géif maachen, déi de Statut vun engem Etablissement public sollte kréien.

Mir hunn eis an der Kommissioun dorobber geeenegt, dat mir dem Statsrot senge Bedenken op deem Punkt géife Rechnung droen, an hunn decidéiert, der Chambre des Métiers elo folgende Statut ze ginn. D'Chambre des Métiers gëtt eng Personne morale de droit public. Dës Terminologie ass esou vum Conseil d'État suggéiert ginn. Mat deem Statut kritt d'Chambre des Métiers déi Autonomie, déi se brauch an déi et hir erlaabt, hire Missioun besser nozekommen. Dat heescht am Klostext, dat si weiderhin, an dat ass wichteg, an dat a voller Onofhängegkeet Avisen zu Gesetzestexten an zu Reglementer kann ofginn.

Här President, mir als CSV sinn der Meenung, dat bei den aktuelle Statute vun deene verschiddene Beruffskummere keng eenheetlech Linn erkennbar ass, an dat ass mat Sécherheet keen ustriewenswäerten Zoustand. Mir sinn der Meenung, dat et zu engem Statut unique vun alle Beruffschambere komme muss! Dat geet awer nëmmen, wann d'Kadergesetz vum 4. Abrëll vun 1924 iwwert d'Schafung vun de Beruffskummeren op de Leescht geholl gëtt, an dat dat Kadergesetz enger kompletter Reform dann och ënnerzu gëtt.

An deem Kontext wëll ech dann, am Numm vun der CSV, och eng Motioun déposéieren - ech ginn lech déi, Här President -, wou mir d'Regierung opfuerderen, esou séier wéi méiglech esou eng Reform vum 24er Gesetz an d'Wëer ze leeden.

## Motion 1

*La Chambre des Députés,*

*- vu la loi du 26 octobre 2010 portant réorganisation de la Chambre de Commerce qui attribue le statut d'un établissement public à la Chambre de Commerce;*

*- vu le projet de loi 6238 portant réorganisation de la Chambre des Métiers qui prévoit de conférer à la Chambre des Métiers le statut d'une personne morale de droit public;*

*- considérant les statuts des trois autres chambres professionnelles, à savoir la Chambre des Salariés, la Chambre d'Agriculture et la Chambre des Fonctionnaires et employés publics;*

*- constatant une incohérence considérable entre le statut des cinq chambres professionnelles;*

*- considérant les avis du Conseil d'État du 23 mars 2010 dans le cadre du projet de loi 5939 portant réorganisation de la Chambre de Commerce et du 8 mars 2011 dans le cadre du projet de loi 6238 portant réorganisation de la Chambre des Métiers;*

*- vu la nécessité d'instaurer un régime juridique identique pour toutes les chambres professionnelles;*

*- saluant une réflexion de fond sur le statut des chambres professionnelles dans notre régime institutionnel;*

*invite le Gouvernement*

*- à prendre les mesures législatives nécessaires visant à donner un statut identique à toutes les chambres professionnelles par le biais d'une réforme fondamentale de la loi modifiée du 4 avril 1924 portant création de chambres professionnelles à base électorale*

*- à associer étroitement les chambres concernées dans les travaux préparatifs de ladite réforme.*

(s.) Lucien Clement, Ben Scheuer, Marc Spautz.

(La motion n'ayant porté que trois signatures lors du dépôt, elle a par la suite été cosignée par MM. André Bauler et Henri Kox.)

Déi vum Conseil d'État geäussert Bedenken, op deem Punkt vun der juristesche Natur vun deene verschiddene Beruffskummeren, mussen ee fir allemol...

► **M. le Président.** - Här Clement, Dir misst lues awer sécher zum Schluss kommen.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- ...geléist ginn. Jo, Här President. Ech géif nawell soen, dat ech nach fënnf Minutte fir d'Motioun hätt.

► **M. le Président.** - Neen, hei net. Mir sinn hei beim Basismodell.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Ech muss lech do awer soen, dat ech et e bësse cocasse fanen, wann een eng Motioun déposéiert am Modell 0, dann därer een net zur Motioun schwätzen, a wann ech déi nämlech Motioun déposéieren am Modell 1, dat ech dann därer fënnf Minutte schwätzen. Do wäerte mer eng Kéier doriwwer missen diskutéieren.

► **M. le Président.** - Här Clement, ech applizéiere just hei eist Chambersreglement.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Ech sinn och elo...

► **M. le Président.** - Méi kann ech net maachen.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Ech kommen elo zum Schluss, Här President.

► **M. le Président.** - Dann ass et gutt. Merci, Här Clement.

► **M. Lucien Clement** (CSV).- Also, ech wollt nach just fir déi aner Fraktiounen soen, dat d'Motioun dräi Ennerschrëften dréit, déi vun de Majoritéitsparteien. Et sinn der awer eréischt dräi, esou dat nach Plaz drop ass fir d'Ennerschrëfte vun deene Fraktiounen oder Sensibilitäten, déi heibannen des Motioun ënnerstëtze wëllen.

Zum Schluss, Här President, wëllt ech dann nach dem Rapporteur, dem Kolleg Marc Spautz, Merci soe fir säin exzellente schrëftleche wéi mündleche Rapport. Hie war, wéi mir dat vun him gewinnt sinn, erëm ganz komplett a sengen Ausféierungen.

Dat gesot, Här President, soen ech Merci fir d'Nolauscheren an hoffen, dat de Projet eng grouss Zoustëmmung kritt. An, Dir kënnt lech et denken, wäert ech och nach den Accord vun der CSV zu deem Projet de loi ginn.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Clement. Als nächste Riedner ass den Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Handwierk ass déi éischt Firma hei zu Lëtzebuerg. D'Handwierk representéiert 20% vun de Betriber, 20% vum Emploi, 9% vum PIB an 2% vun den Investissementen.

Den Zäitgeescht géif fir d'Handwierk schwätzen, huet de President vun der Handwerkskummer gemengt. Nohaltegkeet, Regionalismus a Qualitéitsuspréich, dat sinn Entwécklungen, wéi déi Responsabel vun der Chambre des Métiers scho gesot hunn, déi den Handwerksbetriber als nohalteg a regional Acteuren engéintkommen.

Et brauch een duerfir eng ëmfaassend Reform, well d'Missioun vun der Chambre des Métiers si villfältig, an duerfir heescht et, des Institutioun op déi gesetzlech Fundamenten ze stellen, déi de rezenten Entwécklung gerecht ginn. Duerfir ass den neie gesetzleche Kader fir d'Handwerkskummer onëmgängelech.

De Rapporteur huet déi wichtegst Ännerungen elo d'ëinescht genannt, duerfir ginn ech net méi am Detail dorop an. Grad wéi d'Chambre de Commerce ass och d'Chambre des Métiers en Etablissement public sui generis. Wéinst enger formeller Oppositioun vum Statsrot, et ass elo d'ëinescht erkläert ginn, a well d'Zäit drängt, ass de Choix vun der Personne morale de droit public zrëckbehalte ginn.

Domat ass d'Landschaft vun de Beruffskummeren, aus statutaescher Siicht, amgaang zersplittert ze ginn. An duerfir verlaangt och d'DP, dat mer zur gegebener Zäit d'Gesetz vun 1924 op de Leescht huelen, fir d'Chamberen op eng gemeinsam statutaesch Basis ze stellen.

D'Chambre des Métiers spillt eng Schlësselroll an der Aus- a Weiterbildung vu Leit, déi sech am Handwierk forméieren a verbessere wëllen. Si ass déi Institutioun, déi derfir ze suergen huet, dat d'Handwerksbetriber iwwert déi mënschlech Ressourcë verfügen, déi si brauchen, fir op engem Marché, deen ëmmer méi hétéroclite an exigent gëtt, ze bestoen.

D'DP begreist, dat d'CdM e Facilitateur ass, wann et ëm d'Schafung respektiv ëm d'Transmissioun vun engem Betrib geet. Fir eis ass et wichteg, dat d'Chamber all deenen hëlleft, déi e Betrib iwwerhuelen, déi onofhängeg wëlle





ginn, an datt si all déi assistéiert, déi an der Groussregioun aktiv wëlle ginn.

Der DP läit och um Häerz, datt d'CdM ëmmer méi zu engem moderne Service provider an zu engem physische Guichet unique gëtt. Déi nei gesetzlech Basis wäert dozou bäidroen, datt d'Handwierk iwwer eng performant Berodungsstruktur verfügt a soumat fit bleift, fir am 21. Jorhonnert déi Jobmaschinn ze bleiwen, déi et nach ëmmer war.

„Wahr dein Handwerk, dann wahr es dich“, esou steet zu Dikrech op engem Hausgiewel ze liesen. Mir sollten deen urale Rot, deen nach ëmmer ultramodern ass, ville Jonke mat op de Wee ginn, déi sech fir e Beruff ze entscheeden hunn.

Mir schwätzen ëmmer vun den europäesche Benchmarks, déi eis opfuere, datt 2020 40% vun de Leit tëschent 30 a 34 Joer op d'mannst Bac + 3 oder en équivalenten Niveau d'études mussen hunn. Wann een awer gesäit, op wéi vill auslännesch Betriber mir am Handwerksberäich ugewise sinn, misste mer eis dann net och d'Zil setzen, fir déi Jonk, déi heem wunnen a sech schweierdinn, eng passend Aarbecht ze fannen, an d'Handwerk ze orientéieren?

Dat ass en nationalen Effort, deen net eleng vun de Betriber oder engem Ministère ka maachen. Et ass en nationalen Défi, deen eng kollektiv Ustrengung an e Mentalitéitswiesel verlaangt, an deem sech d'Regierung prioritär unzehuelen huet. D'Zäite sinn eriwwe, wou een an de Lycée gaangen ass an da mat enger Première oder Treizième ouni Weideres eng Platz am Finanzsektor fonnt huet, a wou d'Bankeplaz eng grouss Sécherheet a puncto Aarbechtsplaz ginn huet.

En Handwierk nom Lycée léieren, dat bitt engem ganz aner Perspektiven um Aarbechtsmaart. De Marché ass do, grad am Domän vun den erneierbaren Energien, dem energieeffiziente Bauen an am Beräich vun der systematischer Albusanierung, déi der DP besonnesch um Häerz läit.

D'DP plädéiert derfir - grad wann ee sech bewosst gëtt, wéi vill Jugendlecher heiheem keng Aarbecht fannen -, all Initiativen ausbauen, déi dozou bäidroen, deene Jonken déi manuell Fäegkeete mat op de Wee ze ginn, déi si laang am Aarbechtsprozess halen an déi grad am Handwerk gebraucht ginn. Dat ass e wesentlecht Element am Gesamtkonzept, dat et ze entweckele gëllt, wann d'Reform vun der ADEM kee Pabeierger soll ginn.

„Wahr dein Handwerk, dann wahr es dich“, des Formule huet näischt un Aktualitéitswäert verluer, an et fält och der neier Chambre des Métiers zou, zesumme mat der Regierung alles ze ënnerhuelen, fir deene jonke Mënschen d'Schaffe mat dem Kapp an den Hänn nees schmackhaft ze maachen!

Ofschléissend géif ech dem Rapporteur, dem honorabele Kollege Marc Spautz, Merci soe fir säin ausféierleche Schrëftlechen a mëndleche Bericht, an den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Bauler. Als nächste Riedner ass den Här Marc Angel agedroen. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Angel (LSAP).** - Här President, Madame Minister, léif Kolleeginnen a Kollegen, fir d'Éischt wollt ech natierlech dem Rapporteur Marc Spautz am Numm vun der LSAP-Fraktioun Merci soe fir säi gudde Schrëftlechen a mëndleche Rapport. Mäi Merci geet awer och un déi Responsabel vun der Chambre des Métiers fir hiren exzellenten Avis zu dësem Projet, awer och fir déi Zäit, déi si sech geholl hunn, fir bei all d'Fraktiounen ze goen an hiert Uleies ze erklären. An och déi Visite, déi ons Kommissioun sur place an der Chambre des Métiers konnt organiséieren, war ganz interessant an hëllefärich.

Selbstverständlech schléissen ech mech och un d'Wierder vu menge Virriedner un, déi d'Wichtigkeet vum Handwierk ënnerstrach hunn.

Fir d'Sozialisten ass et ganz wichteg, dass d'Handwerk déi héchstméiglech öffentlech Ënnerstëtzung an Unerkennung kritt. D'Handwerk ass e Secteur, dee Leit beschäftegt, déi mat Kapp a mat Hänn kënnen schaffen. D'Handwerk ass besonnesch wichteg an enger Zäit, wou mer oft an Domäne vu virtueller Technik sinn. An d'Handwerk, dat sollt een och net vergiessen, ass e Secteur, deen och äusserst innovativ a kreativ ass, deen ëmmer à la pointe ass, deen ëmmer dozou bäigedroen huet, fir eis Gesellschaft no vir ze bréngen.

Mat dësem Gesetzesprojet 6238 schafe mer e moderne Kader, deen un d'Realitéiten an d'Erausforderunge vum 21. Jorhonnert ugepasst ass an deen et der Chambre des Métiers

wäert erméiglechen, hir villfältig Missiounen op eng effikass a kohärent Manéier auszeüben. Am Beräich vun der Organisation, dem Fonctionnement, dem Wahlsystem, der Affiliation, den Attributiounen a Kompetenze vun der Handwierkerkummer ginn, wéi gesot, vill Dispositionne moderniséiert. De Rapporteur huet déi, wéi gesot, wesentlech Ännerunge schonn am Detail Schrëftlech a mëndlech gutt erkläert.

Ech wollt duerfir just op e puer Punkten hiweisen, déi fir eis Sozialiste besonnesch begreissenswäert sinn. Ech denken do zum Beispill un all déi nei Dispositionne bei der Wahl vun de Membere vun der Handwierkerkummer. Déi aktuell héich Unzuel vu Wahlgruppen hat bis elo den negativen Effekt, dass Entrepreneuren, déi verschidden Aktivitéiten ausüben, och just an eng Wahlgrupp klasséiert goufen. Dës Grupp huet da forcément nëmmen zum Deel der Realitéit vun der Entreprise entsprach. De Gesetzesprojet gesäit eng manner grouss Unzuel vun de Groupes électoraux vir, déi gläichzäiteg awer méi Aktivitéiten ofdecken. Dës Modifikatioun wäert fir eng besser Repräsentativitéit um Niveau vun de Wieler wéi och vun de Gewielte suergen.

En anere Punkt, dee besonnesch ervirzeiräichen ass, ass d'Redefinition vum der Affiliation. Duerch eng kloer Definition, déi festleet, wéini eng Entreprise an der Handwierkerkummer affiliéiert ass, gëtt versicht, esou gutt wéi méiglech enger Double affiliation an der Chambre des Métiers an an der Chambre de Commerce aus dem Wee ze goen. Besonnesch vum Käschtepunkt vun den Entrepreneuren hier ass dat begreissenswäert, well eng Double affiliation ass och gläichbedeitend mat enger Double cotisation.

Här President, Madame Minister, léif Kollegen a Kollegen, niewent deene ville positiven Aspekter, déi de Projet de loi mat sech bréngt, gëtt et awer och ee Punkt, deen net zefridde stellend ass, an zwar ass dat dee Punkt vum Statut, wou mäi Virriedner, wou de Lucien Clement virdrun am Detail drop agaangen ass. Et ass, an dat hu mer all fonnt, net gutt, wann déi fënnf Berufschamberen en ënnerschiddleche Statut hunn. Dat hu mer och esou zesummen an der Mittelstandskommissioun parteiwwergräifend zum Ausdrock bruecht, a mir waren do all der Meinung, dass mer ee Régime juridique unique brauche fir déi fënnf Berufskummeren.

Duerfir ass et och gutt, stëmme mir och zu Recht haut de Mëtteg déi Motioun, wou mer an der Chamber decidéiert hunn, an der Kommissioun decidéiert hunn ze maachen, wou mer d'Regierung, wéi gesot, opfuere, deen eenheetleche Statut erbaieschaffen, wou mer dat Gesetz vum 1924 wëlle reforméieren. A wat fir eis och wichteg ass - an ech sinn och frou, dass dat an der Motioun ënnerstrach ass -, dass déi Reform an engster Zesummenaarbecht mat alle Berufschambere kann ausgeschafft ginn.

Dat gesot, ginn ech nach am Numm vu menger Fraktioun, vun der LSAP, den Accord zu dësem Projet an och zu der Motioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Marc Angel. Als nächste Riedner ass den Här Henri Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och direkt am Virfeld wëlle mer den Accord zu dësem Projet ginn, well et u sech och eng Wichtigkeet ass, dass d'Berufschambere sech hei a Lëtzebuerg deen Numm an de laange Jore geschafen hunn an och ëmmer richteg a wichteg Avisen zu de Gesetzer hei ginn. Och dem Marc Spautz wëll ech Merci soe fir de Schrëftlechen an de mëndleche Rapport.

Hien ass a sengem mëndleche Rapport hei op déi véier Punkten agaangen - de Statut, d'Memberschaft, d'Kompetenzen an och d'Wahlprozedur -, déi jo u sech hei eis e bëssen ënner Drock gestallt hunn. Et ass nämlech do, duerch, wou mer hu missen dat Gesetz elo esou séier och hei stëmmen, well soss déi Berufswahlen net kënnen duerchgefouert ginn.

Dat ass deen eenzege Punkt, wou ech u sech och wollt hei nach erwähnen an och e bësse kritiséieren, dass mer u sech als Chamber net hei déi superbescht Aarbecht gemaach hunn, zwar och Viraarbecht, well mer innerhalb vu sechs Méint awer zwee Gesetzer gestëmmt hunn iwwer zwou Berufskummere mat ënnerschiddlechem Statut.

Dat ass awer net onbedéngt der Chamber hire Feeler, well de Statsrot hei eis mat Oppositions formelles behaft huet, a mir praktesch d'lescht Joer bei der Chambre de Commerce ënner Zuchzwang waren, wat d'Affiliation ubelaangt huet, an dës Kéier eben, wat de Statut selwer beziungsweis d'Wahlen eis ënner Drock gestallt hunn, fir dat Gesetz elo relativ séier duerchzekréien.

Duerfir hat ech och an der Kommissioun drop higewierkt, dass mer eben eng Motioun sollt maachen. An ech sinn och frou, dass déi da vun der CSV-Fraktioun hei virgeluecht ginn ass. Mir wëllen déi selbstverständlech ënnerstëtzen. Mir mengen, dass et wichteg wier, dat Kadergesetz vum 1924 unzegoen, fir endlech déi fënnf Berufskummeren dann op ee Statut zrëckzeféieren, well et wier net ganz glécklech, wann déi ënnerschiddlech Berufskummeren da mat ënnerschiddleche Statute misste figuréieren.

Duerfir nach eng Kéier, mir kënnen den Accord zu deem Gesetz bréngen, och den Accord natierlech zu der Motioun, déi ech virdrun och ënnerschriwwen hunn.

Merci.

► **M. le Président.** - Merci dem Här Kox. Domadder wiere mer um Enn vun der Diskussioun. Elo kritt d'Wuert d'Madame Mittelstandsministesch Françoise Hetto-Gaasch.

► **Mme Françoise Hetto-Gaasch, Ministre des Classes moyennes et du Tourisme.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol wëll ech, fir unfefänken, dem Rapporteur, dem Marc Spautz, e ganz häerzleche Merci soe fir säi gudde Rapport, deen en hei geschriwwen huet. En exzellente Rapport! Ech wëll awer och der Chamberskommissioun selwer an och dem Conseil d'État Merci soe fir déi konstruktiv Aarbecht, déi si hei geleescht hunn. An dann awer och all deene Leit, déi haut de Mëtteg sech zu dësem Projet de loi zu Wuert gemellt hunn.

Ech wëll vläicht, éier ech op déi eng oder aner Remarque aginn, awer och allgemeng e puer Saachen zu dësem Projet de loi soen. Dir musst wëssen, dass d'Handwerk eng 5.500 Entreprises representéiert. Dat sinn net manner wéi 73.000 Aarbechtsplazen! Dat ass net näischt. Dat ass also e Secteur, deen Aarbechtsplaze schafft. Wann ech kucken, 1980 hate mer am Handwerksberäich 30.000 Aarbechtsplazen. Mir sinn am Joer 2010 op 73.000 gewiescht. Dat ass an 30 Joer eng méi wéi Verdublung!

Dat weist awer och, dass d'Handwerk e ganz wichtige Piler, e wichtige Secteur vun eiser Ekonomie ass an dass se am Fong geholl och doduerjer verdéngen, eng effikass a modern Berufschamber an och e Statut ze hunn.

D'Chambre des Métiers ass wéi alleguer déi aner Berufschamberen eben iwwert d'Gesetz vum 4. Abrëll vum 1924 geschafe ginn, zënter dem Zweete Weltkrich duerch den Arrêté grand-ducal vum 1945 organiséiert ginn. An et huet een et de Mëtteg hei gesot, ech mengen, et war einfach iwwerfällg, dass dat do de fond en comble géif reforméiert ginn.

Et ass eng Reform, déi sech och an de groussen Zich - dat ass och gesot ginn - un der Reform vun der Chambre de Commerce inspiréiert, awer net op alle Punkten. D'Modifikatioun baséiert sech am Fong geholl op fënnf Hauptkategorien: Dat eent ass de Statut - ech wäert och dorop agoen -; d'Affiliation - ganz wichteg -; dann d'Attributioun an d'Kompetenze vun der Chambre des Métiers; d'Organisation an de Fonctionnement; a schlussendlech hire Système électoral.

Kuerz och e Wuert zum Statut vun der Chambre des Métiers. Hei gëtt jo elo preziséiert, dass d'Chambre des Métiers de Statut vun enger Personne morale de droit public kritt. Et ass vill doriwwer diskutéiert ginn, et ass och kontrovers doriwwer diskutéiert ginn, mä den Avis vum Conseil d'État war an dësem Gesetz eigentlech vill méi prezis, vill méi kloer, wéi en et an deem Kontext war bei der Chambre de Commerce, déi am Fong geholl en Établissement public jo hunn. An duerfir ware mer der Meinung, dass mer hei sollten d'Proposition vum Conseil d'État iwwerhuelen.

Dir wësst och, dass mer ënner Zäitdrock sinn. Déi Wahlen, déi mussen elo am November preparéiert ginn, fir dass déi Wahlen och uganks 2012 do kënnen ofgehalen ginn. An ech muss awer och soen, dass mer weinst deene villen Diskussiounen, déi mer haten, weinst dem Statut, wirklech och en Intérêt hunn, dass déi Berufschambere sollen deeselwechte Statut kréien. Duerfir si mer och d'accord mat där Motioun, déi hei proposéiert ginn ass, wéi gesot, fir eben ze kucken, fir en eenheetleche Statut fir all d'Berufschamberen ze kréien.

Kuerz zu der Affiliation nach. Den Här Clement huet dat ganz gutt erkläert. Also, et ass ganz kloer ewell definéiert, wien zu wéi enger Chamber gehéiert, wéi ee Ressortissant dass dat ass. Et ass awer och ganz kloer definéiert, ënner wéi enge Konditiounen dass ee kann an deenen zwou Chamberen - der Chambre des Métiers an och der Chambre de Commerce - affiliéiert sinn.

Zu den Attributiounen an de Kompetenze vun der Chambre des Métiers wollt ech just soen, dass nief deem consultativ Rôle awer och net soll vergiess ginn, wéi eng wichteg Roll dass si an där ganzer Formatioun spillen; d'Formation

professionnelle initiale, wou se sech drëms këmmen, déi ganz Maîtrise, déi ganz Formation continue, déi hannendrun hänkt, déi incontournable ass, a woufir ech hinnen och wirklech e ganz häerzleche Merci soen, dass se dat esou gutt maachen.

Si maachen och ganz vill fir d'Promotioun vun den Entrepreneuren. An eppes, wat mer och net sollen ënnerschätzen, déi ganz Begleedung vun de Lëtzebuerger Entrepreneuren, déi Loscht hunn, an d'Ausland schaffen ze goen, déi gi vun hinne begleet an ënnerstëtzt, fir dass dat och gutt iwwert d'Bühn geet.

Bon, iwwert d'Organisation wëll ech elo weider näischt soen. Iwwert d'Wahlen, ech mengen, dat géif elo einfach ze wäit féieren. Ech wëll just vläicht eppes erkläre bei de Wahlgruppen, wou et jo esou ass, dass verschidden Handwerksberuffer ewell an engem Wahlgrupp sinn. Doduerch ass am Fong geholl déi Zuel vun de Wahlgruppe signifikant verklengert ginn.

Dat mécht och Sënn, well jo an der Zukunft och am Fong geholl déi etlech Beruffer och am Handwerk deelweis zesummegefaasst ginn, esou dass mer am Fong geholl déi vill Gruppen net méi brauchen. Dat passt dann dee Moment och bei den Droit d'établissement, wou ech dann hoffen, wann alles gutt klappt, dass mer deen dann d'nächst Woch hei gestëmmt kréien. Mir ginn also vun 19 bis 24 Groupes électoraux zrëck op sechs Stéck.

Soss wëll ech elo weider näischt zum Wahlsystem soen. Ech wëll just nach op eppes agoen, wat den Här Bauler gesot huet a wat mir och perséinlech um Häerz läit. Den Här Bauler huet vun engem Mentalitéitswiesel geschwat, dee mer musse kréien. Dat ass e Mentalitéitswiesel, dee mer brauche bei den Elteren, bei de Kanner, bei den Enseignanten, fir engersäits emol erëm Respekt virum Handwerk ze kréien, an anersäits awer och fir erëm Loscht op Handwerk ze maachen.

An ech mengen, do ass eppes, wou mer och mussen driwwer nodenken, wéi mer dat nach besser kënnen an Zukunft maachen. Kleng Kanner hunn am Fong geholl all déi Fäegkeeten, all déi Kompetenzen, déi ee brauch, fir spéider en Entrepreneur ze ginn. Si si virwëtzeg, si hu Loscht ze experimentéieren, si hu Loscht no Léisungen ze sichen. An dat sinn alles Kompetenzen a Fäegkeeten, déi vläicht an eise Schoulen dës le bas âge vill méi missten am Fong geholl gefördert ginn, fir dass mer och herno vläicht deen Entrepreneursgeescht bei deene Jonken dann erëmfannen.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, géif ech mech freeën, wann dëse Projet de loi eng grouss Zoustëmmung géif kréien, gradesou wéi d'Motioun. An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **M. le Président.** - Ech soen der Madame Ministesch Merci. Domadder wier d'Diskussioun ofgeschloss a mir këimen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Ech wollt lech drop opmierksam maachen, datt am Artikel 6, Alinea C den Term „internalisation“ duerch „internationalisation“ ze ersetzen ass, an am Artikel 35, drëtten Alinea ass am Ufank vum Saz e Komma ze vill: „Après constitution de l'assemblée plénière et en cas de refus“. Mir stëmmen elo iwwert den ofgeänneren Text of a wäerten dann dem Conseil d'État dës Ännerunge Schrëftlech matdeelen.

**Vote sur l'ensemble du projet de loi et dis-**  
**pense du second vote constitutionnel**

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6238 ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi n°6238 est adopté à l'unanimité des 60 votants.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par Mme Nancy Arendt), Lucien Weiler (par M. Jean-Paul Schaaf), Raymond Weydert (par Mme Sylvie Andrich-Duval) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diede-rich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haa-





gen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Carlo Wagner), MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter (par M. Claude Adam);

MM. Jean Colombero (par M. Fernand Kartheiser), Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes (par M. Gast Gibéryen) et Fernand Kartheiser;

M. André Hoffmann.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

## Motion 1

Mir hunn dann nach hei eng Motioun vum honorabelen Här Lucien Clement. Wann ech dat richteg verstanen hunn, schéngt mer do e grouse Konsensus iwwert déi Motioun ze bestoen.

Kann ech also par vote à main levée procédieren?

(Assentiment)

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Dat schéngt mer d'Unanimitéit ze sinn.

Domadder wier déi Motioun dann och ugehall.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6171 iwwert d'Établissements classés. Hei ass d'Riedezäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Berger, Negri, Gira a Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fernand Boden. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

## 5. 6171 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

### Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*.- Ech huelen nach eng Schlupp Waasser. Sou!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 6171 iwwert d'Établissements classés ass eng weider Moosnam vu villen, déi vun der Regierung geholl ginn, fir déi administrativ Démarché méi einfach ze maachen. De Regierungsprogramm aus dem Joer 2009, dee stellt fest, datt et niewent dem Gesetz vum 10. Juni 1999 iwwert d'Établissements classés nach weider Gesetzer gëtt, déi Autorisationsprozedure virgesinn an déi derzou féieren, datt en eenzelne Projet vu véier verschiddenen Ëmweltbewäertungsprozedure beträff ass.

Dofir proposéiert de Regierungsprogramm ënner anerem, fir déi verschiddenen Texter opeenen ofzestëmmen, esou datt et zu kenger onnéideger Aarbecht an zu kengem Double emploi an dëser Cascade vun Ëmweltbewäertunge kënnt. Des Weidere sollen d'Délaien an d'Prozeduren an deene verschiddene Gesetzer synchroniséiert an d'Délaien, besonnesch wat de Kommodo-Inkommodo betrëfft, staark reduzéiert ginn.

Fir de Kleng- a Mëttelbetriber bei hiren Ufroen ze hëllefen, gesäit de Regierungsprogramm och vir, datt e Guichet „autorisations“ soll geschaf ginn, deen déi eenzeg Ulaftell fir all Demande fir eng Betriebsautorisation soll sinn. Dëse Guichet unique „autorisations“ soll d'Koordinatioun tëschent deene verschiddenen Administratiounen garantéieren an derfir suergen, datt d'Äntwerte vun dësen Administratiounen an deene virgeschriwwenen Délaien a Friste kommen.

Eng vergläichbar scho méi laang geplangte Struktur, déi fir jiddwereen zougänglech ass, dee gäre baut, ass de Guichet „urbanisme“. Dëse Guichet soll d'Uwendung vum Gesetz vum Aménagement communal an dem Développement urbain méi einfach maachen. E Gesetz, wat mer jo elo grad haut an der Chamber ofgeännert hunn, och am Sënn vun enger Entschlackung vun de Prozeduren.

Dat zum Regierungsprogramm iwwert déi administrativ Vereinfachungen a puncto Kommodo-Inkommodo.

Dëse Projet de loi realiséiert net dee ganze Regierungsprogramm, bái Wäitem net, mä hien

enthält awer eng ganz Rei vu konkrete Moosnamen, fir d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur ze vereinfachen an och ze beschleunegen.

An deem Kontext ginn zwou nei Prozeduren agefouert.

Déi éischt, d'Procédure d'enquête publique particulière, erméiglecht et den Demandeuren, fir d'Kommodo-Inkommodo- an d'PAP-Prozeduren ze synchroniséieren, wat besonnesch interessant ass fir d'Promoteure vun Aktivitéitszonen a fir Persounen, fir Betriber, déi sech an esou Zonen néierloosse wëllen.

Déi zweet ass d'Prozedur vun der Recevabilitéit vun enger Demande d'autorisation. Hei gëtt de Prinzip „le silence vaut accord“ agefouert. Sollt also eng Administratioun net bannent 15 Deeg eng Entscheedung iwwert d'Recevabilitéit vun engem Dossier huelen, esou ass dësen Dossier automatesch recevabel. En Dossier ass net recevabel, wa wesentlech Piëcen, déi am Artikel 10 opgezielt sinn, feelen. Den Dossier gëtt dann un den Demandeur zrëckgeschéckt. D'Prozedur vun der Recevabilitéit gëtt agefouert, well et an der Vergaangenheet vill Zäit an Aarbecht kascht huet, fir laang Lëscht vu feelenden Dokumenter opzustellen.

Wann en Dossier elo recevabel ass, heescht dat awer net, datt e komplett ass. Am Fall, wou Dokumenter bei enger Demande feelen, kann déi zoustänneg Autoritéit den Demandeur bidden, säin Dossier ze vervollstännegen. Hie muss him awer an enger Kéier de Relevé vun alle feelenden Dokumenter zoukomme loossen.

Weiderhi gëtt déi duebel Kontroll, wat d'Veereinbarkeet vun engem Établissement classé mat den Urbanismusregelen ubelaangt, ofgeschafft. Dat ass de Fall, well de Contrôle en aval vun dëser Kompatibilitéit mat den Urbanismusregelen, dat heescht zu deem Moment, wou déi Décisioun iwwert d'Autorisation geholl gëtt, als iwwerflësseg kann ugesi ginn, ënner anerem, well déi entspreche Dokumenter scho beim Erareche vum Dossier kontrolléiert ginn.

Iwwregens gëtt an Zukunft och e Certificat vum Buergermeeschter als valabel Prouf ugesinn, datt den Etablissement an der Zone prévue à ces fins läit. Dat erlichtert déi ganz Prozedur. D'Exploitation vun engem Établissement classé ass jo nëmme méiglech, wann en an esou enger Zon läit.

Als weider Moosname sinn ënner anerem geplangt - ech ziele se schnell op -:

- d'Veereinfachung vum Regime vun den Établissements composites, déi ënner méi wéi eng Kommodosaklasséierung falen, mat Ausnahm vun der Klass 1. Esou zum Beispill en Hotel mat engem Restaurant. Hotel ass d'Klass 3, Restaurant ass d'Klass 2. Deen Dossier gëtt dann nom Regime vun der Klass 3 kontrolléiert a geregelt;

- d'Ännere vun der Verfallsdauer vun enger Autorisation. Zum Beispill am Fall vun der Stëlleung vun engem Betrib oder vu verschiddenen Installatiounen gëtt d'Verfallsdauer vun zwee op dräi Joer eropgesat;

- d'Ännere vun de Regelungen, déi en Etablissement betreffen, wat nëmme während enger bestëmmter Zäit funktionnéiere soll. E Betrib, deen net méi wéi zwee Joer - bis elo war dat nëmmen ee Joer - funktionnéiere soll, kann eng Autorisation fir ee Joer kriien, déi em ee Joer ka verlängert ginn, ouni mussen eng Kommodo-Inkommodo-Prozedur ze duerchlafen;

- d'Afféierung vu verschiddenen Délaien, wat d'Erarechen an d'Behandlung vun den Demandé betrëfft, souwuel fir d'Administratiounen wéi och fir d'Gemengen a fir d'Demandeuren;

- d'Reduzéiere vun enger Rei vu bestehenden Délaien;

- an dann d'Opstocke vum Personal vun der ITM an der Administration de l'environnement, also déi zoustänneg Verwaltung vum Kommodo-Inkommodo-Prozedur.

Dës Ännerungen am Projet de loi 6171 solle kuerzfristeg Effeten erzielen. Si ginn an déi richteg Richtung, sinn awer nëmmen ee vu ville weidere Schrëtt um Wee vun der Simplification administrative am Beräich vum Kommodo-Inkommodo. Mëttelfristeg gesinn, si méi déif gräifend Ännerungen néideg, besonnesch wat den „e-commodo“ an de Guichet unique ugeet.

Des Weideren dierf awer net vergiess ginn, datt d'Kommodo-Inkommodo-Prozedur net nëmmen duerch ee Gesetz geregelt gëtt, mä datt och eng Rei vu groussherzogleche Reglementer hei matspillen, ënnert deenen ouni Zweifel d'Reglement iwwert d'Nomenclature an d'Klassifikatioun vun den Établissements classés dat wichtegst ass.

Während der parlamentarescher Aarbecht huet den delegierte Minister Marco Schank eiser Kommissioun d'Haaptlinne vun engem Projet vu Reglement fir d'Ännere vun der aktueller Nomenclature a Klassifikatioun vun den Établissements classés presentéiert, esou wéi e vum Regierungsrat den 22. Abrëll vun dësem Joer ugehall ginn ass.

De Schwéierpunkt vun dësen Ëmännerunge läit op der administrativer Vereinfachung. Et ass derfir gesuergt ginn, och dee gréisstméigleche Schutz op der Aarbecht a vun der Natur ze garantéieren.

D'Haaptännerunge bestinn doranner, datt all d'Nomenclaturen an enger eenzeger Tabell regroupéiert ginn, sortéiert no Fonctioun respektiv Aktivitéit; datt verschidden Aktivitéiten nei aklasséiert ginn, wat eng vereinfacht Genehmigungsprozedur mat sech bréngt, esou wéi et iwwregens schonn am Plan de relance de la conjoncture vun 2009 an am Plan de relance de la compétitivité des entreprises festgehal gi war.

Fir verschidden Aktivitéite gesäit dëst Reglement en Unhiewe vun den Ufuerderunge vir, ënnert deenen en Etablissement eng Autorisation brauch. D'Membere vun der Kommissioun ware sech relativ eens doriwwer, datt en Équilibre muss fonnt ginn tëschent dem Schutz vun der Ëmwelt an der Kompetitivitéit vun den Entreprises.

Och wa jiddwereen eenzel domadder averstannen ass, datt d'Ëmwelt eng wichteg Roll spillt, esou muss awer och festgehal ginn, datt d'Entreprise géeeigent Konditiounen brauchen, fir sech kënnen ze entwéckelen, wat ënner anerem duerch flexibel Betriebsgenehmigungsprozedure soll realiséiert ginn. Mir brauchen awer och déi néideg Leit a Mëttel, fir de Respekt vun de bestehende Regele säitens den Entreprises ze garantéieren.

Komme mer dann elo zu de verschiddenen Avisen zu dësem Projet.

Esou ass d'Chambre des Salariés zwar fir eng Vereinfachung vun de Prozeduren, mä dëst soll awer net op d'Käschte vun der Sécherheet geschéien. Dofir froe si eng regelméisseg Evaluatioun vun de Konsequenzen, déi dëse Projet wäert mat sech bréngen. Des Weidere fäerte si, datt d'Kierze vu verschiddenen Délaien sech negativ wäert op d'Qualitéit vun der Analys vun den Dossieren auswirken, ausser d'Zuel vun zoustänneg Personal géif erhéicht ginn. Si fannen, datt déi virgesinnen Opstockung am Beräich vum Personal bei der ITM an der Administration de l'environnement hirer Meenung no net duergeet.

D'Chambre des Métiers, fir hiren Deel, begréisst de Gesetzesentwurf, äussert awer gläichzäiteg zwee Haaptkritikpunkten. Esou bedauere si zum Beispill, datt déi generell Uwendung vun der Règle d'autorisation tacite net vun den Auteurs zrëckbehal ginn ass. Ausserdeem ass d'Chambre des Métiers net frou doriwwer, datt de Contrôle de conformité vun engem Etablissement mat den Dispositionen iwwert den Urbanismus an d'Hänn vun dem Demandeur vun der Autorisation geluecht gëtt, deen net onbedéngt e Spezialist an dëser Matière ass. Si froen dofir d'Schafe vum Guichet unique „urbanisme“, esou wéi en am Regierungsprogramm virgesinn ass. Ech hu schonn doriwwer geschwat.

D'Chambre de Commerce bedauert, datt de gréissten Deel vun den Ännerungen den Administratiounen zegutt géif kommen, ouni den Entreprise wierklech vill ze bréngen. Si kritiséiert, datt d'Auteurs vum Gesetz keng detailléiert Analys gemaach hu vun alle bestoenden Autorisationen, fir nëmmen déi zrëckzebehalen, déi onbedéngt néideg sinn, an datt se net de Prinzip vun der Autorisation tacite zrëckbehalen hunn, esou wéi et d'Direktiv „services“ virgesäit.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer dann, datt ech ofschléissend nach kuerz iwwert den Avis vum Conseil d'État schwätzen. De Conseil d'État begreist och wéi all déi aner Gremien d'Beméiung vun der Regierung am Kader vun der Simplification administrative, weist awer dorop hin, datt dës Moosnamen net dierfen op d'Käschte vun der Informatioun vun den Entreprises a vun Drëttpersonen goen.

Gläichzäiteg stellt de Statsrat sech hannert d'Kritik vun der Chambre de Commerce, wat d'Feele vun enger genereller Iwwerpräiung vun der Noutwendegkeet vun de gesetzlechen Exigenzen a vun den Délaien ugeet. Et gouf och eng Opposition formelle vum Statsrat, well de virleiende Projet net am Aklang wier mat der Direktiv „services“.

Als Äntwert op dës Opposition formelle huet de Ministère an enger ganz detailléierter Note erkläert, woufir et néideg wier, fir en Autorisationsregime bei den Établissements classés bäizebehalen, a woufir de Prinzip vun der Autorisation tacite net kéint zrëckbehal ginn.

De Ministère huet den Intérêt ënnerstrach, fir e Régime de police spéciale ze schafen a fir d'Ausübung vun ëmweltverschmutzenden Akti-

vitäten u speziell Konditiounen ze bannen. D'Interesse vun Drëttpersonen kéinten och méi licht léséiert ginn, wann en Établissement classé net ënner spezifesch Konditiounen géif exploitéiert ginn.

Wat d'Ausnahm vun der Autorisation tacite ubelaangt, esou begrënt de Ministère dëst duerch d'Zil fir Verschmutzung vu Säite vun de Betriber ze vermeiden oder ze reduzéieren, wat spezifesch Betriebsgenehmigung viraussetzt, déi de beschten disponibelen Technologie Rechnung droe mussen, gradesou wéi der Natur an dem Emplacement vum Betrib.

Bemängelt ginn och nach am Fall vun enger Autorisation tacite déi prozedural Schwierigkeiten, wat de Schutz vun den Intérète vun Drëttpersonen a wat den Zäitpunkt, vu wéini un ee kéint e Recours maachen, ubelaangt.

No den Erklärungen vum Ministère huet de Statsrat seng Opposition formelle opgehuewen, awer gläichzäiteg drop higewisen, datt hien an Zukunft méi streng wäert oppassen op d'Anale vun europäeschen Normen duerch eis Gesetzer, an dëst scho vun der Ausaarbechtungsphas un. Esou verlaangt hien, datt fir all Gesetzes- oder Reglementsprojet, deen en Autorisationsregime virgesäit, d'Auteurs kloer duerleeën, woufir si eventuell d'Dispositionen vun der Direktiv „services“ net uwenen.

Schaarf kritiséiert huet de Statsrat den urspringlechen Text vum Projet, deen eenzel Dispositionen vum Gesetz vun 1999 op zwou verschidden Aart a Weisen ofgeännert huet, déi souguer deelweis géigesätzlech wieren. Am Intérêt vun der Sécurité juridique hat hien dofir gefuerdert, déi néideg Ännerungen virzehuelen an och d'Reiefolleg vun der Presentatioun vun den Artikelen ze changéieren. Sollt dëst net geschéie virum Vote vum Projet, sou géif de Statsrat eng Opposition formelle ausschwätzen. D'Kommissioun huet doropshin den Text deementspreechend amendéiert a si huet eng komplett Restrukturatioun vum Text virgeholl.

D'Kommissioun huet, Dir Dammen an Dir Hären, vill um Text geschafft, besonnesch fir den Avis vum Statsrat an de Beruffschambere Rechnung ze droen. Den Detail vun dëser Aarbecht kënnt Dir a mengem schrëftleche Rapport noliessen.

Ech soen alle Kolleegen aus der Nohaltegkeitskommissioun Merci fir hir gutt Mataarbecht an ech bidden lech am Numm vun der Kommissioun, dësen Text ze stëmmen.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

## Discussion générale

► **M. Fernand Boden** (CSV).- Sou, ech wëll dann elo, mat enger anerer Kap, als Spriecher vun der CSV-Fraktioun den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Projet ginn. Dee bréngt, dat ass jo gesot ginn, eng Rei vu Verbesserungen an der Kommodo-Inkommodo-Prozedur an hie stellt e weidere Schrëtt duer a Richtung administrativ Vereinfachung.

Fir d'CSV-Fraktioun ass et wichteg, datt Lëtzebuerg lues a lues erëm zu engem Land gëtt vun de kuerze Weeër tëschent de Verwaltungen, de Gemengen, de Betriber an de Bierger. Dat dréit dozou bái, fir d'Kompetitivitéit vun de Betriber ze verbessern a fir de Standuert Lëtzebuerg erëm méi attraktiv ze maachen.

Den Entfesselungsplang fir Betriber vun 2007 huet de Kader gesat an d'Marschroute virginn, fir mëttelfristeg de Betriber d'Liewe wesentlech méi einfach ze maachen. Mir begreissen, datt en Departement vun der administrativer Vereinfachung beim Statsministère geschaf ginn ass. Dat gëtt dëser Problematik méi e groust Gewicht a stäerkt d'Duerchschlagskraaft vun deenen, déi d'administrativ Vereinfachung koordinéieren a virundreiwe sollen.

Et kënnen nämlech nëmmen zolidd Verbesserungen an dësem Beräich zustane kommen, wann all d'Ministère an d'Verwaltungen mat agebonne sinn, wa se och alleguer matzéien.

De Regierungsprogramm ass ambitiéis a puncto administrativ Vereinfachung, a mir wiere frou, wann d'Regierung eng Schépp géif noleeën, fir dëse Programm och méiglechst schnell ëmzesetzen.

Wat nu méi prezis d'Autorisationsprozeduren ubelaangt, sou ass am Regierungsprogramm virgesinn, d'Délaien an d'Prozeduren, déi a verschiddene Gesetzer festgeluecht sinn, besser openaner ofzestëmmen, se besser ze synchroniséieren an all Double emploi ze vermeiden, besonnesch am Beräich vun den Ëmweltetüden, déi sech oft iwwerschneiden.

Mir invitéieren also d'Regierung, dat ze maachen, gradesou wéi eng detailléiert Analys iwwert d'Noutwendegkeet vun de bestoenden Autorisationsregimer virzehuelen an nëmmen déi legal Exigenze bäizebehalen, déi onbedéngt néideg sinn.